PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 18/08/2021

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Verdeedegung weiderzeleeden.

De Méinde Moien hate mir eng urgent Fro zu engem eventuellen Asaz vun eisem A400M am Kader vun der Afghanistan Kris un de Verdeedegungsminister gestallt. D'Belsch Medien haten de Méinde Mëtten (16.08.2021) gemellt dass d'Regierung ëm de Premier De Croo géing Fligeren an den Afghanistan fir Repartimenter schécken. D'Belsche Regierung huet explizitt erwäänt, dass een A400M sollt ënnert de Fliger sinn.
Am RTL Interview de 17.08.2021 heescht et: *"Der Maschinn feelen nach déi néideg Sécherheetslizensen.[...] D'Defense an den Ausseministère plangen elo zesumme mat der Belsch, de Militärfliger an en Nopeschland vum Afghanistan ze schécken."*

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéini genau gouf d'Decisioun geholl, fir eisen A400M mat der Registréierung CT-01 an den Asaz ze schécken? Kann de Minister eis de genauen Oflaf erklären?
2. Hunn eis belsch Partner eis vir d'éischt kontaktéiert oder mir si?
3. Em wat fir Sécherheetslizenzen handelt et sech?
4. Firwat ginn dës Lizenze gebraucht?
5. Sinn dës Lizenze fir den eemolege Gebrauch oder gëllen dës Lizenzen iwwert ee längeren Zäitraum?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Député